PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.**

Ab dem 1.Abrëll ginn et an Däitschland nei Bestëmmunge wat de Cannabiskonsum ugeet. Dës nei Instruktioune sinn ënnert anerem och op Statistike wat de Konsum betrëfft opgebaut ginn. Esou dierfen zum Beispill bis zu maximal 3 Planzen doheem ugebaut an och bis zu 25 Gramm fir den Eegekonsum am ëffentleche Raum mat sech gefouert ginn. Et fält virun allem och op, dass et hei gréisser Ënnerscheeder zu de Bestëmmungen zu Lëtzebuerg ginn, zum Beispill wat de Besëtz a Konsum an der Ëffentlechkeet ugeet. Zu Lëtzebuerg ginn et säit Juli 2023 jo och nei Bestëmmungen, och wann dës nëmmen en éischte Schrëtt vun enger méi grousser Strategie sollte sinn.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Kontext vun der oft thematiséierter an uviséierter gemeinsamer Approche mat eisen Nopeschlänner, wéi positionéiert sech de Ministère par rapport zum Constat dass et an eisem Nopeschland mat dësem Gesetz zu Ënnerscheeder kënnt, wat de Cannabiskonsum ugeet?

2. Ginn et Iwwerleeungen sech legislativ un de Bestëmmungen op däitschem Niveau ze alignéieren, besonnesch wat den ëffentleche Raum ugeet? Falls net, wat sinn d'Grënn heifir?

3. Wéi gesäit de Planning zu Lëtzebuerg aus a wéi eng konkret legislativ Schrëtt sinn an dësem Kontext an den nächste 5 Joer geplangt? Gëtt et e konkreten Timing wéini dës wieder Schrëtt geplangt sinn?

4. Ginn et Zuelen déi de Konsum vu Cannabis zu Lëtzebuerg beschreiwen? Falls jo, kënnen dës Zuele mat der Chamber gedeelt ginn? Falls nee, sinn esou Etüden en cours oder wéini plangt de Ministère däraarteg Etüden ze lancéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven | GOERGEN Marc
---|---
Deputéierten | Deputéierten